# POLLY MORBID 2:


## The Adventures of Omi!

D'Omi an den Här Schäfer waarden drop, an den Himmel ze kommen. Den Himmel gouf digitaliséiert, zënterhier geet alles méi einfach, et brauch just vill méi laang Zäit.





Wann een elo an den Himmel wëll, da muss een sech fir d'éischt op guichet.lu aloggen, da säin Token an den elektronesche Patientendossier eroplueden an nëmmen net vergiessen, seng Krankekeesskäertche bei Hand ze huelen. Déi Prozedur kann eng Éiwegkeet daueren.


D'Éiwegkeet hat d'Omi sech ganz aneschtes virgestallt. Iergendwéi méi wäiss an onendlech.




Wéinstens hat si gemengt, dass een an der Éiwegkeet kéint d'Fënsteren opmaachen.

Hei sinn d'Fënsteren ëmmer fest zougespaart, fir dass d'Omien an d'Opien net erausklammen a sech op d'Fënsterbrieder setzen, wéi wann se Geranie wieren.





Oder wéi ronscheleg Dauwen d'Äerm ausbreeden, fortschwiewen iwwert d'Diecher an de Leit vanillesfaarweg Klatzen op d'Stier kacken.